N°3195
Entrée le 14.11.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.11.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/11/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

D'Prozedur fir d'Aschreiwe vun engem Partenariat civil (PACS) setzt d'Constitutioun vun engem Dossier mat verschiddenen offiziellen Dokumenter viraus. Dozou gehéiert ënner anerem en integralen Auszuch vum Gebuertsakt ("acte de naissance intégral"). Wéi aus de Renseignementer op den informativen Internetsäite vun der Verwaltung, wéi och aus direkte Réckmeldunge vu Bierger, ervirgeet, schéngt d'Gëltegkeet vun dësem spezifeschen Dokument fir d'Finaliséierung vum Dossier op dräi Méint limitéiert ze sinn.

Dës kuerz Frist stellt fir déi betraffe Persounen eng administrativ Hürd an e potenziellen zousätzleche Käschtepunkt duer. D'Noutwennegkeet, rezent Dokumenter unzefroen, ass schwéier nozevollzéien, well d'Kärinformatiounen, déi duerch dësen Akt attestéiert ginn – wéi d'Gebuert an d'Filiatioun – onverännerbar sinn. Dës Praxis schéngt och am Widdersproch zu den Ziler vun der administrativer Vereinfachung an der Digitaliséierung ze stoen. Et stellt sech dowéinst d'Fro, wat déi legal Justifikatioun fir dës Restriktioun ass an ob dës och fir aner Prozedure vum État civil, wéi d'Bestietnes, zur Uwendung kënnt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, datt den integralen Auszuch vum Gebuertsakt ("acte de naissance intégral"), dee fir d'Constitutioun vun engem PACS-Dossier néideg ass, eng Gëltegkeetsdauer vun nëmmen dräi Méint huet?

2. Wann jo, op wéi enger legaler Grondlag baséiert dës Zäitlimitt vun dräi Méint, obwuel d'Donnéeën op dësem Akt als permanent ugesi ginn?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Fënnt dës selwecht Gëltegkeetsbeschränkung vun dräi Méint och Uwendung op den integralen Auszuch vum Gebuertsakt, dee fir d'Schléisse vun engem Bestietnes ("mariage") erfuerderlech ass?

4. Wéi eng aner Dokumenter, déi fir d'Prozedure vum PACS oder dem Bestietnes néideg sinn, ënnerleien enger änlech kuerzer Gëltegkeetsfrist (z. B. dräi oder sechs Méint)?

5. Gedenkt d'Regierung, dës kuerz Gëltegkeetsfriste fir Dokumenter vum État civil am Kontext vun der administrativer Vereinfachung ze iwwerschaffen an eventuell unzepassen oder ofzeschafen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten